



Feschber Gemeengeblat



Impressum

Fëschber Gemengeblat
Editioun Dezember 2020

Redaktiounsteam

Sven BETTENDORF
Marianne BROSIUS
Marie-Louise HAAS
Dany HERMES
Marc KOLBER
Roland MINY
Delphine NOTARNICOLA
Lis WEBER
Frank WEYRICH

Kollaboratioun

Angsber Schoul
Maison Relais
Schäfferot Gemeng Fëschbech
Liz BROSIUS
Mike DAEMS
Jo GOERGEN
Daniel HOTTUA
Mike KARGES
Erny KOHN
Olivier MOLITOR
Viviane THILL

Layout

Delphine NOTARNICOLA

Cover

Patrick GROTZ

Editeur

Gemeng Fëschbech
1, rue de l'église
L-7430 Fischbach
www.acfischbach.lu

Drock

Imprimerie de l'Est
2, rue Pierre Richardot (Z.I.)
L-6468 Echternach
www.imprimeriedelest.lu

*Wann Dir Loscht hutt fir beim Blat
heiansdo een Artikel oofzeliwweren
kënnt Dir lech bei eis mellen
gemengeblat@acfischbach.lu*

*Redaktiounsschluss fir
d'Fëschber Gemengeblat 57/2021
ass den 10/04/2021.*

**Mir soe jidderengem Merci,
deen un dëser Nummer
an iergendwellecher Form
matgeschafft huet.**

GEMENG

Gemengerotssätzungen	4
Matdeelungen	
Avis de fin d'année	7
Programme des cours d'hiver 2021	8
Subvention PEDELECs & vélos	12
Travail pour étudiants Den Natur an Geopark Mëllerdall, eng dréckwaasserautark Regioun	12
Programme Projet „Wandpark Miersch“	15
Interkommunale Waasserreseau Fëschbech - Fiels - Noumer	16
Réalisationen aus de leschte Méint an der Gemeng Fëschbech	18
Aktivitéite ronderëm d'Gemeng	
Nationalen Dag vun der Commémoratioun	20
Das tragische Schicksal der Gebrüder Zossong aus Binzerath	21
Dréchemauer - Bau, ...een uraalt Handwerk	24
Tour du Luxembourg	28
Remise du „Bauhärepräis“ 2020	30
Adventsfenster	32
Wëllkaz, Wëll Kaz	36

ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG

Aktivitéiten an der Schoul	38
Schouljoer 2020-2021	49
Ho, ho, ho! De Klesschen ass do...	54
Maison Relais „bei de Kueben“ an Zaiten vu COVID-19	56

WAT WAR LASS?

Éischt Kommunioun	60
Quetschekraut bei de Wiichtelcher	62



Virwuert



Léif Matbiergerinnen a Matbierger
aus der Fëschber Gemeng,

2020 geet op en Enn! 2020, e speziell Joer mat vile Restriktiounen, Quarantainen, Isolatiounen, Home-schooling, Ausgangsspär,... an dat alles wéinst deem onsiichtbare Virus COVID-19. Fir vill vun lech war et sécherlech net ëmmer einfach an elo iwwert d'Chrëschtdeeg a Neijoerschdag kann een och nach just am enkste Familljekrees feieren. Dofir sinn ech ëm sou méi frou, dass eis Aktioun „Adventsfenster“ esou gutt ugeholl ginn ass an e bëssche Liicht an déi däischter Zäit bréngen konnt!

Elo heescht et, Kapp héich. Genéisst Zäit doheem a profitéiert vun eiser schéiner Natur. Elo wou vill vun eis an zemols eis Kanner kee Sport a keng Aktivitéiten am Club kënnen maachen, ass et de Moment fir erauszugehen an d'Natur z'erliewen a net nëmmen dobannen ze setzen! Bleift aktiv!

Eist Veräinsliewen ass bal ganz zum Stëllstand komm, a vill Fester hu missen ofgesot ginn. A menger Funktioun als Präsident vun der Kultur- a Veräinskommissioun, well ech awer op dësem Platz de Veräiner, déi kleng Versammlungen an Aktivitéiten duerchgezunn hunn a weider zum Veräinsliewen an eiser Gemeng bäigedrogen hunn, Merci soen. E spezielle Merci geet och un eis Pompjeeën, déi zu all Moment disponibel waren a fir eis all ëmmer bereet waren an an den Asaz komm sinn. Ech encouragéieren lech All weiderzemaachen. Et ginn haut Méiglechkeeten sech auszetauschen respektiv ze gesinn. Vill nei Medien, déi Verschiddener um Ufank vum Joer 2020 nach net kannt hunn, ewéi Whatsapp, Meet, Zoom, Teams, stinn lech zur Dispositioun. Bleift a Kontakt mat äre Memberen a Frënn, esouguer traditionell iwwer Telefon a Bréifpost geet nach ëmmer.

Plangt weider an de Komiteeën un äre Fester fir 2021 a gitt är Datumer op der Gemeng eran. Och mir sinn am plangen, fir eis Joyeuse Entrée mat der Ierfgroussherzoglecher Koppel den 8. Mee kennen nozehuelen, ouni ze wëssen op et klappt.

Nach e puer Wuert zur Aarbecht op der Gemeng. Wéi der eventuell matkritt hutt huet eisen Techniker, den Här Beckers, no 15 Joer sech e neie Challenge gesicht an ass säit dem 1ten Oktober net méi bei eis. Dat bréngt natierlech mat sech dass verschidden Dossieren elo net esou séier kennen traitéiert ginn. Merci fir äert Versteedemech.

Eis Projeten a Chantiere ginn awer weider. De Chantier Waasserreseau leeft op Héichtouren, de PAG an de PAP-QE hu mer op de legislative Wee geschéckt a mir finaliséieren elo nach dat neit Bautereglement. Déi nächst Projete sti schonns an de Startlächer a mir hoffen 2021 och e neien Techniker ze fannen!

lech alleguer vill Freed beim Liese vum neie Blat, schéi Feierdeeg, bleibt gesond an e gudde Rutsch an d'Joer 2021!

Luss BROSIOUS
Schäffen



Compte rendu

Séance publique du conseil communal du 23 septembre 2020

Présents:

DAEMS Fränk – bourgmestre;
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, OLINGER Kevin,
SCHILTZ Laurent, TRAUSCH Claude – conseillers;

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prise à l'unanimité.

1. Des titres de recettes portant sur un montant de 868.903,13 € sont approuvés.
2. Le conseil communal approuve le principe d'une prime communale à l'acquisition de cycles et décide de reporter l'approbation du règlement à une séance ultérieure.
3. Le conseil communal décide de modifier le budget ordinaire de l'exercice 2020 avec 46.200 € de nouvelles recettes et 60.700 € de nouvelles dépenses.
4. Le conseil communal décide de créer un poste d'employé communal A2 à 100% pour les besoins du service technique.
5. Suite à la démission de M. Beckers la représentation effective de la commune auprès du comité d'accompagnement pour l'eau potable de la région du Parc Naturel du Mëllerdall est devenue vacante. Le conseil communal désigne Monsieur Fränk Daems en tant que représentant effectif et Monsieur Paul Brosius en tant que suppléant.

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheidung vum Gemengerot eestëmmeg geholl.

1. De Gemengerot geneemegt Einnamen iwwert 868.903,13 €.
2. De Gemengerot ass mam Prinzip vun enger Gemengenzoulag fir d'Uschafe vun engem Vëlo an entscheet an enger spéiderer Sëtzung iwwert d'Reglement ofzestëmmen.
3. De Gemengerot entscheet den ordinaire Budget 2020 ëmzeännere mat 46.200 € néien Einnamen an 60.700 € neien Ausgaben.
4. De Gemengerot entscheet e Posten (100%) fir en Gemengenemployé an der Carrière A2 am techneschem Déngscht ze schafen.
5. Duerch d'Demissioun vum Här Beckers ass d'Vertriedung vun der Gemeng am Begleetcomité fir d'Dränkwaasser vun der Regioun Mëllerdall vakant ginn an de Gemengerot ernannt den Här Fränk Daems zum Vertrieeder an den Här Paul Brosius als Stellvertrieeder.



Nodeems de Gemengerot 2019 gefroot hat fir 2 Better am neien Ubau vun der Maison de soins „Beim Goldknapp“ zu lerpeldeng un der Sauer ze kréien, konnt de Schäfferot den 8. Oktober 2020 zu Schous am Veräinshaus eng Conventioun mat der Associatioun Alzheimer Lëtzebuerg, betreffent e Bett am Waert vu 90.000 € ennerschreiwelen.

Séance publique du conseil communal du 28 octobre 2020

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre;
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, OLINGER Kevin,
SCHILTZ Laurent, TRAUSCH Claude – conseillers;

Absents excusés: OLINGER Kevin, TRAUSCH Claude - conseillers

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prise à l'unanimité.

1. Des titres de recettes portant sur un montant de 13.117,04 € sont approuvés.
2. Arrêt provisoire des comptes de gestion 2018 & 2019

Vu les comptes de gestion présentés par le receveur pour les exercices 2018 & 2019 et en considérant que ce compte ne donne pas lieu à observation de la part de la Direction de Contrôle de la Comptabilité Communal, le conseil communal arrête provisoirement lesdits comptes de gestion 2018 & 2019.

3. Arrêt provisoire de comptes administratifs 2018 & 2019

Vu les comptes administratifs présentés par le collège des bourgmestre et échevins pour les exercices 2018 & 2019 et en considérant la note du collège des bourgmestre et échevins en réponse du rapport du Service de Contrôle de la Comptabilité Communale, le conseil communal arrête provisoirement lesdits comptes conformément aux tableau récapitulatifs suivants:

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheidung vum Gemengerot eestëmmeg geholl.

1. De Gemengerot geneemegt Einnamen iwwert 13.117,04 €.
2. Wëll keng Bemierkungen duerch den d'Gemengenfinanzkontroll virleien ginn d'Gestiounskonte 2018 & 2019 vum Einnehmer provisoiresch festgehalten.
3. Nodeems d'Äntwert vum Schäfferot op de Bericht vun der Gemegefinanzkontroll acceptéiert gouf, hält de Gemengerot déi administrativ Konten 2018 & 2019 provisoiresch folgendermoosse fest:

COMPTE ADMINISTRATIF 2018	
TABLEAU RÉCAPITULATIF	Sommes proposées par le collège
Boni du compte de 2017	969 499,14 €
Recettes ordinaires	4 925 431,27 €
Recettes extraordinaires	530 648,56 €
Total des recettes	5 425 578,97 €
Mali du compte de 2017	0,00
Dépenses ordinaires	2 750 542,54 €
Dépenses extraordinaires	2 328 847,88 €
Total des dépenses	5 079 390,42 €
Boni	1 346 188,55 €
Mali	

COMPTE ADMINISTRATIF 2019	
TABLEAU RÉCAPITULATIF	Sommes proposées par le collège
Boni du compte de 2018	1 346 188,55 €
Recettes ordinaires	5 120 047,34 €
Recettes extraordinaires	1 766 523,68v
Total des recettes	8 232 759,57 €
Mali du compte de 2018	0,00
Dépenses ordinaires	2 746 885,51 €
Dépenses extraordinaires	3 233 749,30 €
Total des dépenses	5 980 634,81 €
Boni	2 252 124,76 €
Mali	

6

4. Le conseil communal décide d'introduire une participation communale à l'acquisition d'un PEDELEC ou d'un vélo avec un maximum de 100 €.
 5. Le conseil communal décide à 4 voix contre 2 et 1 abstention de continuer à participer annuellement à l'action épargne scolaire au profit des élèves du cycle 2.1 et décide à l'unanimité des voix la prime pour l'épargne scolaire à allouer à 30 € par an et par enfant.
 6. Le conseil communal renonce à l'exercice du droit de préemption concernant un terrain sis à Fischbach, rue du Berger.
 7. Dans le cadre de la mise en œuvre d'un réseau d'eau intercommunal entre les communes de Fischbach, Larochette et Nommern, le conseil communal ratifie plusieurs servitudes de passages, à savoir avec:
 - Monsieur Bernard CLASEN du Schaerfenhaff;
 - la SCI Domaine de Meysembourg ayant son siège au Château de Meysembourg;
 - le Kierchefong ayant son siège à Luxembourg;
 - la commune de Larochette.
 8. Le conseil communal approuve le contrat de travail à durée déterminée dans le cadre de l'accompagnement dans le bus scolaire de Madame Sandra Vaessen-Isekin qui a pour objet le remplacement de Madame Tessy Erpelding.
 9. Suite à l'appel aux candidats afin de compléter les commissions consultatives, le conseil communal nomme:
 - Monsieur Johannes Kiersch de Angelsberg en tant que membre suppléant de la commission d'intégration;
 - Madame Hanneke Gruijs de Schoos avec 6 voix contre 1 en tant que membre de la commission des sports.
 10. Lors d'un scrutin secret, le seul candidat pour le poste vacant de chargé de gestion auprès du service technique n'a pas obtenu la majorité absolue des voix.
4. De Gemengerot entscheet eng Zoulag vu Maximum 100.- fir d'Uschafe vun engem E-bike oder Vëlo anzeféieren.
 5. De Gemengerot entscheet, mat 4 Stëmmen géint 2 bei 1 Enthaltung, weiderhin beim Schoulspueren fir d'Schoulkanner vum Zykle 2.1 deelzehuelen an beschléisst eestëmmeg eng Schoulspuer-Prime vun 30,- pro Kand a Schouljoer.
 6. De Gemengerot verzicht op d' Virkafsrecht vun engem Grondstéck zu Fëschbech an der rue du Berger.
 7. Am Kader vun der Ariichtung vun engem interkommunalem Dréinkwaassernetz vun de Gemenge Fëschbech, Fiels a Noumer ratifizéiert de Gemengerot verschidde Zougangsrechter mat:
 - dem Här Bernard CLASEN vum Schaerfenhaff;
 - der SCI Domaine de Meysembourg mat dem Sëtz um Meesebuerger Schlass;
 - dem Kierchefong mat dem Sëtz an der Stad;
 - der Fielser Gemeng.
 8. De Gemengerot geneemegt den zäitlech limitéierten Aarbechtsvertrag mat der Madamm Sandra Vaessen-Isekin fir Madamm Tessy Erpelding ze ersetzen.
 9. No dem Opruff fir Kandidaturen am läschte Gemeengeblat fir verschidden Gemeengekommissiounen ze vervollstännegen ernannt de Gemengerot:
 - den Här Johannes Kiersch vun Angelsberg als Ersatzmember vun der Integratiounskommissioun
 - d'Madamm Hanneke Gruijs vu Schoos mat 6 Stëmmen géint 1 als Member vun der Sportskommissioun
 10. An enger geheimer Ofstëmmung huet deen eenzege Kandidat fir de Posten vum Chargé de gestion am techneschem Déngscht keng absolut Majoritéit krit.

Avis de fin d'année



Mat der Approche vum Wanter, wëlle mir lech matdeelen, dass, konform zu de Bestëmmunge vum Code Civil*, d'Awunner gehale sinn um Trottoir virun hirem Terrain Schnéi oder Äis ze raumen, fir esou méiglech Accidenter ze verhënneren. Am Fall vun Net-Anhale vun dëser Dispositioun ass d'Responsabilitéit vum Awunner engagéiert.

A l'approche de la saison hivernale, nous tenons à vous signaler que, conformément aux dispositions du Code civil, les riverains sont tenus de débayer le trottoir devant leur propriété de la neige ou du verglas, ceci afin d'éviter tout accident pouvant survenir. En cas de non-respect de la présente disposition nous vous signalons que la responsabilité du riverain est engagée.*

* article 1384, al. 1er du Code civil



D'Gemengereglement betreffend den Schutz virum Kaméidi seet am Artikel 8 dat, um Gebitt vun der Gemeng Fëschbech, de Gebrauch vun Knupperten, Feuerwerkskörper an aner explosiven Objeten innerhalb an och an enger Distanz vun manner wéi 100 Meter vun den Uertschaften verbueden ass. De Buergermeeschter ass net gewëllt Ausnamen fir d'Silvesternuecht 2021 ze genehmegen.

Le règlement communal relatif à la protection contre le bruit stipule dans son article 8 que, sur le territoire de la commune de Fischbach, il est défendu de faire usage de pétards, de feux d'artifices et d'autres objets détonants similaires à l'intérieur ainsi qu'à une distance inférieure de 100 mètres de l'agglomération. Le bourgmestre n'est pas disposé à donner des autorisations dérogeant à ce principe pour le nuit de St. Sylvestre 2021.

**Wéinst de Feierlechkeeten um Ënn
vum Joer wäerten d'Büroen vun der
Gemeng op de Feierdeeg zou sinn.**

**En raison des fêtes de fin d'année
les bureaux de l'administration
communale resteront fermés les
jours fériés officiels.**

PROGRAMME DES COURS HIVER 2021



Luxembourgeois débutants semi-intensif A.1.2 matin – cours en salle (LA-LB-118)

Connaissances requises

Lieu: Centre culturel Fraihof - Steinheim

Date: 3x Sem. – les lundis, mercredis et jeudis –

Du 11 janvier au 18 mars 2021

Horaire: 8h30 à 10h30

Prix: 200 euros – 60 heures

Français débutants semi-intensif A.1.2 matin – cours en salle et à distance (LA-FR-127)

Connaissances requises

Lieu: Jugendhaus 21 rue Hoovelecker Buurchmauer

L-6418 Echternach

Date: 2X Sem. – les mardis et vendredis – Du 23 fé-

vrier au 11 juin 2021

Horaire: 9h30 à 11h30

Prix: 200 euros – 60 heures – 15 semaines

Formatrice: Sophie Kalisz

Français débutants intensif A.2.1 après-midi – cours en salle et à distance LA-FR-129

Connaissances requises

Lieu: Jugendhaus, 21 rue Hoovelecker Buurchmauer

L-6418 Echternach

Date: 3x Sem. - les mardis, jeudis et vendredis – Du

12 janvier au 19 mars 2021

Horaire: 13h à 15h

Prix: 200 euros – 60 heures

Formatrice: Sophie Kalisz

Français débutants intensif A1.2 – soir – cours en salle et à distance LA-FR-144

Connaissances préliminaires requises

Lieu: Jugendhaus, 21 rue Hoovelecker Buurchmauer

L-6418 Echternach

Date: 2x Sem. – les mardis et jeudis – du 23 février au

10 juin 2021

Horaires: 19h à 21h

Prix: 200 euros – 60 heures

Formatrice: Cécile Liket

Français débutants intensif A.1.1 matin – cours en salle et à distance (LA-FR-146)

Connaissances préliminaires requises

Lieu: Jugendhaus, 21 rue Hoovelecker Buurchmauer

L-6418 Echternach

Date: 3x Sem. – les lundis, mercredis et jeudis –

du 11 janvier au 18 mars 2021

Horaires: 8h à 10h

Prix: 200 euros – 60 heures

Formatrice: Cécile Liket

TAI-CHI

Lieu: Centre sportif et culturel - Heffingen

Date: chaque jeudi à partir

du 7 janvier au 8 avril 2021

Horaire: 9h30 à 11h

Prix: 145 euros – 12 séances

Formateur: J.P. Nowacka

QI-GONG

Lieu: Maison des jeunes - Echternach

Date: chaque mercredi à partir

du 6 janvier au 7 avril 2021

Horaire: 19h00 à 20h30

Prix: 145 euros – 12 séances

Formateur: J.P. Nowacka

ZUMBA

Born

Lieu: Centre sportif de Born

Date et horaire: chaque mardi à partir

du 5 janvier 2021 de 19h à 20h

Prix: 135 euros

Virtuelle

Lieu: à domicile via la plateforme Zoom

Date et horaire: chaque jeudi à partir

du 7 janvier 2021 de 19h à 20h

Prix: 135 euros

Formatrice: Mireille, instructrice diplômée de Zumba

INSCRIPTIONS

MEC asbl

9 rue André Duchscher L-6434 Echternach

Tél: 26 72 00 35 - Email: info@mecasbl.lu

www.mecasbl.lu

Les inscriptions seront valables après réception du paiement. Les bénéficiaires d'un bon pour tarif réduit sont priés d'apporter leur bon à l'inscription.



**VOTRE ENFANT A
DES DIFFICULTÉS
SCOLAIRES ?**

Faites appel au
SUPER SENIOR !

**O SEU FILHO
OU A SUA FILHA
TÊM PROBLEMAS
NA ESCOLA ?**

Chama o **SUPER SENIOR !**

Adapte aux normes
sanitaires COVID-19!

De COVID-19- Gezondheids-
standaarden vgepast!

Adaptada às normas
sanitárias COVID-19!

**ÄERT KAND HUET
SCHWIEREGKEETE
BEIM LÉIEREN ?**

Da weint ech un de
SUPER SENIOR!



PROJECT COORDINATION & CONTACT:



mec
ASBL

Regalié
Associations

... pour tous!

9, rue André Dürsteler | L-6434 Echternach
Tel. : 26 72 00 35 | 621 66 92 12
info@mecasbl.lu



WWW.MECASBL.LU

VOTRE OPINION COMPTE ! ÄR MEENUNG ZIELT!

Participez à notre enquête et aidez-nous à améliorer votre qualité de vie !

Le Mec a.s.b.l. en collaboration avec l'institut de sondage TNS Ilres et le soutien du GAL LEADER Region Mëllerdall, a besoin de vous pour réaliser une enquête sur votre qualité de vie afin de développer de nouveaux projets dans la région Mullerthal.

Surveillez vos boîtes aux lettres à partir du 11 janvier 2021. Vous recevrez un courrier vous invitant à participer à une enquête en ligne/digitale.

Participations récompensées ! Tentez de **gagner des produits** ou activités régionales via notre tombola.

Pour de plus amples informations, visitez notre site internet www.mecasbl.lu, page projet/étude.

Un grand merci pour votre collaboration.

Maacht bei eiser Ëmfro mat an hëllef eis Är Liewensqualitéit ze verbesseren!

D'Mec a.s.b.l. réalisiert an Zesummenaarbecht mat TNS Ilres a mat der Ënnerstëtzung vun der LAG LEADER Region Mëllerdall eng Ëmfro zum Thema Liewensqualitéit an der Region Mëllerdall. D'Resultater vun der Ëmfro sollen duerno hëllef nei Projeten ze entwéckelen.

Haalt Är Bréifboîte am A. Ab dem 11. Januar 2021 gëtt e Courier verschéckt an deem Dir invitéiert gitt un eiser Onlineëmfro deelzehuelen.

Är Participatioun gëtt belount! Am Kader vun enger **Tombola** ginn et regional Produkter an Aktivitéiten ze gewannen. Besicht eise Sitte fir weider Informatiounen:
www.mecasbl.lu (Projektssäit)


Villmools Merci fir Är Kollaboratioun.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Pêche
et de Développement Rural



Fonds européen agricole pour le développement rural : l'Europe investit dans les zones rurales.



En date du 28 octobre 2020, le conseil communal a décidé de subventionner les nouveaux PEDELECs ou vélos acquis à partir du 1^{er} janvier 2020.

Cette participation communale s'élève à un maximum de 100 € par cycle et peut être demandée en introduisant un formulaire accompagné de la facture acquittée au plus tard 3 mois après l'achat du cycle. Les demandes pour les cycles acquis en 2020 seront acceptées jusqu'au 17 février 2021.

Veuillez trouver le formulaire de demande, ainsi que toutes les informations relatives à cette participation communale sur www.acfischbach.lu.

Den 28. Oktober 2020 huet de Gemengerot entscheet, dass néi E-Biken a Vëloen déi ab dem 1. Januar 2020 ugeschaf goufen ze subventionéieren.

Der Gemeng hir Bedeelegung kann maximal 100 € pro Vëlo bedroen a kann ugefrot ginn andeems en e Formulaire mat der acquitéierter Rechnung spéitstens 3 Méint nom Kaf vum Vëlo areecht. D'Ufroen fir Vëloen déi am Laf vum Joer 2020 ugeschaf goufen ginn bis den 17. Februar 2021 ugehall.

Dir fannt de Formulaire an och all aner Informatiounen iwwert dëse Subsid op www.acfischbach.lu.





Den Natur- an Geopark Mëllerdall, eng drénkwaasserautark Regioun

De Schutz vum Drénkwaasser läit eis am Natur- & Geopark Mëllerdall besonnesch um Häerzen. D'Gemengen aus eiser Regioun sinn nämlech drénkwaasserautark, dat heescht si versuergen hir Bierger mat Grondwaasser aus eegene Quellen a Buerungen. Dëst ass keng Selbstverständlechkeet, weder landes-, nach weltwäit, an hänkt direkt mat eiser Geologie zesummen. Opgrond vu senge Poren a senge Klëft ass de Lëtzebuenger Sandsteen nämlech en exzellente Späicher fir Grondwaasser, dat am Wanter duerch d'Versickerung vum Reen a Schnéi opgefëllt gëtt. Ronn 60 Quellen a Buerunge kënnen sou fir d'Drénkwaasserversuergung genotzt ginn. Dës liwweren net nëmmen d'Drénkwaasser vun deenen 11 Membergemenge mee versuergen och en Deel vun den Awunner vu 6 weidere Gemengen, déi och Drénkwaasserfaasungen am Mëllerdall besëtzen. Deemno sinn 17 Gemengen op proppert Waasser aus eiser Regioun ugewisen.

Gerengegt gëtt d'Waasser zum gudden Deel schonn op natierlech Art a Weis. De Lëtzebuenger Sandstee funktionéiert nämlech wéi ee grouse Filter. Vu dass dësen natierleche Schutz awer begrenzt ass, ginn zousätzlech Drénkwaasserschutzzonen ausgewisen.

An iwwer 20 Schutzgebidder, déi insgesamt ronn 5.300 Hektar ofdecken an zu deenen och d'Schutzzone vun de Pëtzer Débicht a Laangegronn vun der Gemeng Fëschbech gehéieren, bedreiwen d'Gemengen zesumme mat den Acteuren um Terrain aktiven Drénkwaasserschutz. Si hunn sech dofir am November 2019 fir d'éischte Kéier an engem Comité d'Accompagnement zesumme fonnt, deen duerch d'Rachel Krier, Drénkwaasseranimatrice vum Natur- & Geopark Mëllerdall, koordinéiert gëtt. Hei schaffe Verrieder vun de Gemengen, den Administratiounen, dem Ministère, der Landwirtschaft an dem Natur- & Geopark Mëllerdall fräiwëlleg Moossnamen zum Schutz vun eisem Waasser aus. Vertruede gëtt d'Gemeng Fëschbech duerch hire Buergermeeschter, Här Fränk Daems.

Eng zukünfteg Moosnam ass d'Grënnung vun enger landwirtschaftlecher Kooperatioun, wou d'Gemengen an d'Bauern zesummen d'Zil verfolgegen, duerch eng ugepassten Bewirtschaftung laangfristeg eng gutt Drénkwaasserqualitéit sécherzestellen. Drénkwaasser ass dat beschten kontrolléiert Liewensmëttel an en aktive Schutz ass en Investment an eis Zukunft.




Anteile des durchschnittlichen täglichen Trinkwasserverbrauchs im Haushalt bezogen auf 137 Liter pro Person. Quelle: Administration de la Gestion de l'Eau, Eis Waasser 2013.



Geschätzter Wasserverbrauch für die Herstellung verschiedener Produkte. Quelle: Administration de la Gestion de l'Eau, Eist Waasser 2013.



Vorstellung des Trinkwassermodells durch Rachel Krier beim Naturparkfest (04.08.2019) im Parc Hosingen. Modell: Birgit Kausch. Foto: Conny Koob.




Die Trinkwassergewinnung aus dem Grundwasser: Das Grundwasser kann mithilfe einer Quelfassung (1) oder einer Bohrung (2) gefördert werden. Quelle: Administration de la Gestion de l'Eau, Eist Waasser 2013.



Trinkwasserschutzonen I (orange, Fassungsereich), II (gelb, engere Schutzzone), III (grün, weitere Schutzzone) und II-VI (schraffiert, besonders hohe Vulnerabilität durch Klüfte). Quelle: Administration de la Gestion de l'Eau, Eist Waasser 2013.



Comité d'Accompagnement der Trinkwasserschutzgebiete im Natur- & Geopark Mëlldall. Foto: Caroline Martin.



14

Die luxemburgischen Trinkwassersyndikate (Stand 2013, aktuelle Version s. Geoport). Aufgrund der Geologie werden die Haushalte im Natur- & Geopark Mëllerdall aus gemeindeeigenen Quellen und Bohrungen versorgt (Trinkwasserautarkie). Quelle: Administration de la Gestion de l'Eau, Eist Waasser 2013.

Projet „Wandpark Miersch“

Zanter 2017 elo scho beschäftegt eis de Projet vum Wandpark Miersch, dee jo zum Deel ganz no bei eis op de Rollëngerbiereg soll kommen, an och d'Wandenergie am Allgemengen. Vill Zäit an Energie ass mëttlerweil drop gaange fir der Thematik op de Fong ze goen an et gouf kontrovers diskutéiert. De Schäffer- a Gemengerot huet sech vun Ufank un an dësem Dossier berode gelooss an huet wéi gewosst den 30. Januar 2018 eng negativ PPrinzipiendecisioun géint de Projet Wandpark Miersch a géint d'allgemeng Bedreiwe vun der Wandenergie op engem industriellen Niveau geholl.

Dass dës Decisioun déi richteg war krute mir elo bestätegt:

Esou sinn déi zwou geplangte Wandanlagen op der Haardt an am Reckenerwald wéinst den héijen Impakter elo staark a Fro gestallt (dat gouf eis och vum Mouvement écologique bestätegt), an och fir déi véier geplangte Wandanlagen um Rollëngerbiereg huet d'Ëmweltverdréiglechkeetsetüd leider déi schlëmmsten Erwaardunge bestätegt wat d'Impakter op d'Avifauna ubelaangt, well mer hei effektiv d'Brutt- a Juegdgebieder vu ville geschützte Vullenaarten hunn, ewéi vum Roude Milan, vum Schwaarzmilan, vum Uhu, der Feldlerche, asw.

Am Kader vun der EIE Prozedur konnt de Bedriewer bis ewell och keng schlësseg Äntwerte ginn op déi vun der Fëschber Gemeng opgeworfe Froen iwwer d'Verhältnisméissegkeet tëschent de bilanzéierten Ëmweltimpakter an dem konkreten Notze fir d'Allgemengheet.

De Bedriewer huet och elo duerchblécke gelooss, dat nees nei Demarchë bei der Direktioun vun der Aviation Civile erginn hunn, dat d'Anlagenhéicht elo net méi op 150m begrenzt ass, obwuel de Bedriewer an der öffentlecher Informatiounsversammlung de 15. März 2018 op der Héicht virum Gemengerot an den uwiesende Leit versprach hat, dass keng gréisser Anlagen um Rollëngerbiereg a Fro kéimen, och wann um Fluchbetrib sech eppes ännert.

Den 13. Dezember dunn, hunn de Paul Heinen an den Eric Dürrer, zwee engagéiert Schéisser Matbierger, dem Schäfferot virun der (nach) schéiner Kuliss vum Rollëngerbiereg eng Ënnerschrëfte-Lëscht iwwerrecht wourop 304 Matbiergerinnen a Matbierger aus der Gemeng Fëschbech sech géint de geplangte Projet manifestéiert hunn.

E staarkt Signal aus eiser Populatioun an eng gutt Initiativ vun deenen zwee Hären.

Dës Lëschte wäerten natierlech och deenen zoustännegen Ministären an hiren Autoritéiten iwwerrecht ginn.

D'EIE Prozedur iwwert de Wandpark Miersch wäert elo ofgeschloss ginn. Am Kader vun der Kommodo-Prozedur kritt elo nach eng Kéier all Bierger d'Méiglechkeet géint de Projet ze reklaméieren. Gëtt d'Kommodo-Prozedur lancéiert, bleiwen allerdéngs just nach 15 Deeg fir eng Reklamatioun anzereechen. Et ass also wichteg deen Datum net ze verpassen.

De Schäfferot



Interkommunale Waasserreseau Fëschbech - Fiels - Noumer

Text: Fränk DAEMS / Fotoen: Luss BROSIUS & Fränk DAEMS

Nodeems d'Aarbechten un eisem interkommunalen Waasserreseau mat de Gemenge Fiels an Noumer jo den 11. November 2019 ugefaangen hunn kann ee gutt 1 Joer méi spéit soen dass scho gutt a vill geschafft gouf. D'Verleeë vun de Leitungen geet gutt virun, och wann de Chantier duerch de Confinement am Mäerz dëst Joer e bëssen ausgebremst gouf.

D'Buedemaarbechten an d'Verleeë vun de Leitungen um Areal vun eiser Gemeng sinn esouwäit ofgeschloss. Am Moment rouen d'Schëppen an d'Baggeren ier et nom Congé collectif erëm äifreg weidergeet. D'Aarbechten gi mat verschiddenen Equippen op e puer Plaze gläichzäiteg gemaach, wat dozou bäidréit dass den Zäitplang am Moment duerchaus agehale ka ginn. Fir Zäit, Suen an och negativ Impakter op d'Ëmwelt anzespueren gouf sech op verschiddene Plaze fir Buerungen décidéiert a Plaz vum Aushiewe vu Grief.

Fir lech een Androck vun den Aarbechten ze ginn fann Dir an dësem Artikel e puer aktuell Fotoe vum Chantier.



Buerungsarbechten ënnert dem CR118 Angelsbiërg – Fiels; duerch d'Buerungen wéi op dëser Plaz, huet quasi kee Bësch um ganzen Leitungs Tracés missten gehaen ginn.



Leitungsverlëëung op der Trass 5, Seitert – Iernzerbiërg.



Préparatioun fir de Leitungsgruef,
Trass 10, Meesebuerg – Seitert.



Trass 12 duerch de Bësch, Richtung Noumer – Zäeregrönnchen; dëst ass deen eenzeggen Ofschnëtt vum Reseau wou Bësch huet missten gerodet ginn.

Réalisatiounen aus de leschte Méint an der Gemeng Fëschbech

D'Gestioun vum COVID-19 an eiser Gemeng, grad wéi d'Préparatioun vum PAG an PAP-QE, d'Ausaarbechtung vum Budget, d'Kläranlage Fëschbech an Angelsberg an natierlech den Interkommunale Waasserreseau sinn nëmmen e puer Chantieren déi eis déi lëscht 4 Méint nawell staark beschäftegt hunn. Donieft gouf awer och nach Dagesgeschäft ofgeschafft, e puer Beispiller dovunner fann Dir hei ënnendrënner.

De Schäfferot



Visibilitéits - Mesuren am Kader vun der Stroossesëcherheet zu Schous an zu Fëschbech.



Renovatioun vum Weekräiz zu Fëschbech „am Paschtoueschaart“.



Verkéiersberouegung an der Cité „am Batz“ an an der rue du berger duerch „gendarmes couchés“ an „Rietsvirfaart“.



Mise en état vum Glabecher Wee.



Vote iwwert de neie PAG an PAP-QE an der Gemengerotssëtzung vum 24. November 2020.



D'Ënnerlagen iwwert de PAG an PAP-QE lounen resp.leien op der Gemeng aus.



Ëffentlech Virstellung vum neie PAG a PAP-QE, den 30. November 2020 op der Héicht.

Nationalen Dag vun der Commémoratioun

18.10.2020 FËSCHBECH

D'Journée de la commémoration ass eigentlech e Rendez-vous deen all Joer an der Agenda vun all Lëtzebuurger misst dra stoen. Leider ass dat awer net esou, hunn ech d'Gefill, an duerfir wëll ech op dëser Plaz e bësse Reklamm fir dee Gedenktag maachen an der Hoffnung d'nächst Joer méi Leit an och e komplette Gemengerot kënnen zu Fëschbech ze begréissen.

Et ass wichteg dass mir all Joer op Commemorationsdag zesumme kommen an un den 10. Oktober 1941 erënneren. Deen Dag wou d'Lëtzebuurger de Courage haten sech an engem Referendum géint d'Agliederung vun eiser Heemecht an d'Nazi-Däitschland ze stellen an als Konsequenz vun de Preise schwéier gestrooft goufen.

D'Gedenkmass zu Fëschbech, déi dëst Joer den 18. Oktober gefeiert gouf, gëtt vum Deche Felix Steichen all Joer héich interessant gestalt. Mat Hëllef vu Fotoen, Texter an dëst Joer souguer mat Film, erzielt den Dechen eng Geschicht iwwert eist Land a seng Leit, déi sech

réell an de Krichsjoren ofgespillt huet. Déi onvirstellbar Geschicht vun dësem Joer fann Dir op den nächste Säiten, zesummegebroe vum Erny Kohn, Lis Weber an Amelie Theisen.

Op wéi engem Datum d'Gemeng Fëschbech d'Journée de la Commémoration 2021 feiert wäerte mir lech mat Zäiten am viraus matdeelen an hoffen dass Dir lech dann zesumme mat eis erënnert. Merci.

*Fränk DAEMS
Buergermeeschter*



Das tragische Schicksal der Gebrüder Zossong aus Binzerath

Am 30. August 1942 erfolgte die Verkündung der allgemeinen Wehrpflicht durch den Gauleiter des Gaus Moselland (Koblenz-Trier-Luxemburg) Gustav Simon. Eine Streikbewegung, vielerorts begleitet von Protestaktionen, gegen die aufgezwungene und völkerrechtswidrige Einberufung zum Kriegsdienst in der deutschen Wehrmacht erfasste daraufhin das zum damaligen Zeitpunkt besetzte Großherzogtum. Arbeiter verließen ihre Fabriken, Landwirte lieferten ihre Milch nicht ab, Lehrer und Schüler blieben dem Unterricht fern. Nachdem Fritz Hartmann, Leiter des Einsatzkommandos der Sicherheitspolizei in Luxemburg die Erklärung des Ausnahmezustandes in Berlin erwirkt hatte, verhängte Simon einen Tag später den zivilen Ausnahmezustand. Zwanzig (20) Luxemburger wurden als Hauptbeschuldigte von dem daraufhin eingesetzten Standgericht zum Tode verurteilt. Sie wurden in mehreren Gruppen nach Hinzert im Hunsrück gebracht und zwischen dem 2. und 9. September 1942 in einer Steingrube unweit des SS-Sonderlagers erschossen und anschließend in einem Sammelgrab im Wald verscharrt.



Somit war klar, dass wer auch immer sich im kleinen Großherzogtum mit den Nazis anzulegen gedachte mit dem Allerschlimmsten zu rechnen hatte. Bis in die entlegensten Winkel des Landes hingen die blutroten Plakate mit den Namen derer die in den ersten Septembertagen des Jahres 1942 hingerichtet worden waren. Betroffen waren am Anfang die Jahrgänge 1920 bis 1924 unter denen sich auch die beiden Brüder Albert und Robert Zossong aus Binzerath befanden. Nach der ärztlichen Musterung am 5. Oktober 1942 waren beide für k.v. befunden worden und somit mussten sie erst einmal ihren dreimonatigen Reichsarbeitsdienst leisten. Nach dem Arbeitsdienst kamen sowohl Albert als auch Robert noch einmal für kurze Zeit nach Hause ehe sie dann in die weiten Steppen Russlands an die Front verlegt wurden und sich die Wege der beiden für immer trennen sollten.

Albert kam im sogenannten Donezbecken in den Einsatz. Diese Schlacht dauerte vom 16. August bis zum 22. September 1943 und hier war es auch wo Albert am 5. September 1943 bei schweren Abwehrgefechten gegen die sowjetische Armee sein junges Leben verlor. Albert starb mit 21 Jahren.

Einen Tag später, am 6. September „feiert“ Robert seinen 22. Geburtstag an der deutsch-russischen Front unweit von Witebsk zirka 2300 Kilometer von der Heimat entfernt. Robert weiß noch nicht dass sein jüngerer Bruder am Tag vorher gefallen ist. Erst wenige Wochen später erhalten die Eltern der beiden Söhne einen Brief des deutschen Kompaniechefs in welchem Alberts schicksalhafter Tod beschrieben und bestätigt wird.



Zossong Robert, Bünzelt
gef. a Russl. 8. 11. 43,
22 Joer.



Zossong Albert, Bünzelt
gef. a Russl. Donez 5. 9. 43.
21 Joer.

Kurze Zeit später wird Robert ein Heimaturlaub genehmigt. Für Weihnachten 1943 soll er im heimischen Binzerath eintreffen. Nicht zuletzt auch um am 28. Dezember an der Totenmesse seines jüngeren Bruders Albert teilnehmen zu können. Als auf einmal keine Briefe mehr von Robert zu Hause ankommen, fangen die Eltern und ihre beiden Töchter Annie und Marie an sich große Sorgen zu machen.

Martin Hilbert, ein junger Mann aus Beringerberg war in derselben Kompanie wie Robert Zossong und hatte kurz vor Weihnachten Fronturlaub erhalten. Weil seine Mutter im Sterben lag! Als er eines Tages vor dem Hause Zossong vorbeispricht, hielten ihn Robert's Eltern an und fragten den jungen Martin nach ihrem Sohn, da sie wussten dass beide in der gleichen Kompanie dienten. Martin tat ahnungslos. Er trug ein ungemein schwer wiegendes Geheimnis mit sich herum. Er selbst hatte den Robert Zossong bereits einige Wochen nicht mehr an der Frontlinie gesehen und als er eines Tages über ein Gräberfeld marschierte, bemerkte er Robert's Grab. Martin, zu diesem Zeitpunkt knappe 21 Jahre alt, brachte es nicht übers Herz den besorgten Eltern vom Tode ihres ältesten Sohnes zu berichten, zumal er wusste, dass Albert bereits im September 1943 gefallen war.



Martin HILBERT



Marie ZOSSONG, eng Schwëster vun de Gebridder ZOSSONG (Angelsbiërg - rue de l'église)

Kurz Zeit später erhielten die Eltern erneut einen Brief von der Front. Darin stand, dass nun auch Albert gefallen sei. Am 28. Dezember 1943 schritt die leidgeprüfte Familie Zossong-Kintzelé schließlich zur Totenmesse nach Mersch. Die Messe die anfangs nur für den einen Sohn gedacht war, wurde nun für die beiden Söhne abgehalten.

Schweren Herzens musste sich Martin Hilbert nach den Weihnachtsfeiertagen wieder auf die beschwerliche Reise zurück an die Front machen. Er wusste, dass er die sterbende Mutter nie mehr wieder sehen würde. Als er nach einigen Tagen wieder bei seiner Einheit angekommen war, erhielt er die Nachricht, dass seine Mutter gestorben sei. Viel Zeit zum Trauern blieb dem jungen Mann nicht. Die Russen, so schien es, waren nun an allen

Seiten durchgebrochen und griffen die deutsche Soldateska pausenlos an. Bei einem dieser Angriffe wurde der Soldat neben Martin Hilbert tödlich getroffen. Wie durch ein Wunder wurde der junge Mann aus Beringerberg nicht verletzt, lief weiter und brachte sich in Sicherheit. Der harsche Winter war erbarmungslos. Der Schnee fiel pausenlos und schneite den Schützengraben des 21-Jährigen zu. Die klirrende Kälte ließ den Schützengraben zufrieren und Martin musste das Eis mit den Ellenbögen kaputt schlagen, wollte er nicht erfrieren und sich aus dem Eis befreien. Zum Essen hatte er rein gar nichts mehr. Mit bloßen Händen grub er Runkelrüben aus einem Feld aus und aß sie dann im rohen Zustand. Bald hämmerte die russische Artillerie wieder in die Reihen der Wehrmachtssoldaten hinein unter

denen sich gezwungenermaßen auch Martin Hilbert befand. Irgendwann wurde auch er verwundet, kam in ein Lazarett und von dort in russische Gefangenschaft.

Martin Hilbert überlebte den Krieg und kehrte wieder nach Beringerberg zurück. Kaum zu Hause angekommen wurde ihm mitgeteilt, dass sein Bruder Tony in Russland gefallen sei. Bis dahin hatte Martin Hilbert mit seinen 24 Jahren mehr erlebt wie in ein normales Menschenleben passt. Der Krieg hatte den jungen Mann verändert. Nicht selten sah man ihn im Café Theisen in Angelsberg, alleine an einem Tisch allwo er bittere Tränen weinte. Abgesehen vom Tode der innig geliebten Mutter und des Bruders hatte er wahrlich Schlimmes erlebt. Es brauchte seine Zeit bis sich die Dinge wieder etwas beruhigten, soweit dies überhaupt möglich war.

1948 fing Martin eine Lehre beim Bäckermeister Peschon in Biver an. Hier fand er Arbeit, vielleicht sogar etwas Abstand zu den Erlebnissen in Russland und noch etwas, etwas sehr Besonderes. Hier lernte er die Liebe seines Lebens kennen. Yvonne Reding! Am 20. Februar 1950 gingen die beiden den Bund der Ehe ein und zogen nach Grosbous. Dort sind der Reihe nach Nicole, die heute noch in Grosbous lebt, Lucien, Mariette und Romain zur Welt gekommen. Mit der bestandenen Meisterprüfung zum Bäcker arbeitete Martin Hilbert fortan in seiner neuen Heimat in der Bäckerei Liefbrig, fuhr das Brot aus und wurde zu einem der beliebtesten Mitbürger des Dorfes. Der Krieg war nun weiter entfernt aber immer noch spukte er im Kopf des früheren Zwangsrekrutierten herum. Martin hat später nie wieder über seine Erlebnisse an der Front gesprochen. Er konnte nicht! 1970 stirbt der vierfache Vater im Alter von nur 49 Jahren.

Im Jahre 1953 verkauft die Familie Zossong ihr Zuhause in Binzerath mit sämtlichen Ländereien und zieht um nach Mersch wo sie in ein Reihnhaus gegenüber der dortigen Dekanatskirche einzieht. Bereits 1951 war dort das imposante „Monument aux Morts“ aufgerichtet worden. Hier

stehen heute noch in goldfarbenen Lettern die Namen der beiden Söhne Albert und Robert. Wie oft die verzweifelten Eltern in ihrer Pein wohl auf das Monument geschaut haben?

Nach dem tragischen Tod ihrer beiden Söhne erholt sich das Ehepaar Zossong-Kintzelé nicht mehr, besonders Mutter Marie erkrankt schwer und leidet fortan an Tremor. Schließlich stirbt Vater Jemp Zossong im Jahre 1956 im Alter von 65 Jahren. Mutter Marie lebt nun alleine im Reihnhaus gegenüber der Kirche. Die beiden Töchter Annie und Marie sind zwischenzeitlich ausgezogen. Die Mutter stirbt im Jahre 1964 im Alter von 69 Jahren, versehen mit den heiligen Sterbesakramenten.

Am 7. Mai 1948 wurden Albert und Robert Zossong im Memorial A N°29 ganz offiziell für tot erklärt. Sie liegen heute noch immer in Russland begraben. Albert liegt auf dem Militärfriedhof in Lawrantjewka, derweil Bruder Robert auf dem deutschen Militärfriedhof in Sebesh im Block 17 unter den unbekanntem Soldaten liegt.

Marie und Jemp, die unglückseligen Eltern der gefallenen Söhne Albert und Robert sind nach wie vor auf dem Merscher Friedhof begraben. Am Grab selbst hatte Mutter Marie eine Gedenktafel für ihre beiden Söhne anbringen lassen, die sich auch heute noch dort befindet. Unter den Namen der beiden Brüder heißt es schlicht und einfach „Tom-bés en Russie“.

Auteur: Erny KOHN

*ënnerstëtzt vum
Amelie THEISEN a Lis WEBER*



*den Auteur Erny Kohn an d’ Amelie Theisen
aus dem fréiere Café Theisen vun Angelsberg*

Dréchemauer - Bau, ...een uraalt Handwierk



Text: Jo GOERGEN & Fränk DAEMS / Fotoen: Jo GOERGEN & Mike KARGES

An Zesummenaarbecht mat der Gemeng Fëschbech an der Ëmweltkommissioun aus der Gemeng Fëschbech hat den Natur- & Geopark Mëllerdall am September 2020 op eng Dréchemauer Formatioun invitéiert. Wéinst de sanitäre Restriktiounen war decidéiert ginn, 2 Workshops z'organiséieren fir och all den interesséierte Léit dës uraalt Handwierk kënne bäizebréngen.

Restauréiert gouf eng al a laang Dréchemauer an der rue de l'église zu Angelsbiérg, déi wéi sech eraus gestallt huet, eng ganz besonnesch ass! Dës aus e puer Grënn.





Am Géigesaz zu de meeschten Dréchemauer an eiser Géigend ass dës Mauer net just eng Stützmauer, wéi ee vun der Stroossesäit aus menges kéint. Den ieweschten Deel vun der Mauer ass fräistoend, dat heescht dat se vun zwou Säite sichtbar ass. Sou Mauer si relativ seelen. Ausserdeem sinn déi eenzel Steng vun dëser Mauer vill am Détail verschafft ginn. Doniewt sinn d'Reien homogène an hunn all Kéiers eng definéiert Héicht.

All dës Elementer weisen eis datt déi Mauer deemools, zur Zäit vun hirem Bau, scho vill Zäit a Sue kascht huet. Si war och fréier schonn eppes Besonnesches.

Eng Dréchemauer bitt der Natur zemools am bebaute Raum een interessant Habitat. An den Huelraum tëscht de Steng, fanne Planzen an Déieren een ideale Liewensraum.

Formateur war de Schwäizer Dréchemauerbauer Martin Lutz, dee schonn zënter 2017 an de Mëllerdall kënnt fir zesumme mam Natur- & Geopark de Leit d'Wësse ronderëm d'Dréchemauer méi no ze bréngen.

An enger éischter Etapp ass eng Analyse vun der Dréchemauer gemaach ginn. Grouss Deeler vun



dëser Mauer waren nach stabil, mee op diverse Plaze sinn Hecken a Beem aus der Mauer eraus gewuess. Doduerch entstinn Deformatiounen duerch déi d'Mauer iergendwann komplett zesummegefall wier. Wat plazeweis och scho geschitt war. Fir déi Deeler vun der Dréchemauer ze stäipen déi nach intakt sinn, war et wichteg déi futtis Deeler nees opzebauen.

Mat Fangerspëtzegefill hunn d'Participanten déi onerwünschte Vegetatioun erausgeholl an déi onstabil Deeler vun der Mauer ofgebaut. D'Steng fir den Opbau si fir d'éischt op d'Säit geluecht an dann gesënert ginn.

Et muss ee wëssen datt an enger Dréchemauer vill verschidden Zorte Steng gebraucht ginn. A Funktioun vu Form, Gréisst a Charakteristik kommen se op ganz bestëmmte Plazen an der Mauer. Well eng Dréchemauer ouni Speis oder Bëton gebaut gëtt ass et wichteg, datt all Stee mat Geschéck getässelt gëtt datt en net méi wackelt.

A kleng Gruppen hunn d'Leit sech der Saach ugeholl an ugefaangen déi futtis Deeler vun der Mauer ofzebauen.

Nom Ofbau ass ee Gerüst aus Holz opgeriicht gi fir dee richtege Wénkel vun der Mauer ze definéieren. Duerch hunn d'Benevollen ugefaangen déi passend Steng erauszeseiche fir nees opzebauen.



No 4 Deeg haten déi Fräiwëlleg iwwer 10 Meter Dréchemauer nees opgebaut! An domat och déi al Deeler vun der Mauer nees stabiliséiert.





Wéini genee dës Mauer gebaut ginn ass konnte mir bis elo leider net eraus fannen. Wann Dir al Fotoen hutt wou dës Mauer drop ass, wier mir frou wann Dir eis se géift weisen. Dir kënt lech an deem Kontext gären op der Gemeng Fëschbech mëllen.

D'Formatioun gouf am Kader vum Interreg Projet „Trockenmauern in der Großregion - Ein wertvolles Kulturerbe für Natur und Landschaft“ organisiert an integral finanziert. Dësen Interreg Projet leeft zanter 2016 am Natur- & Geopark Mëllerdall, an dëst nach bis 2021.

Natierlech war et an esou kuerzer Zäit net méiglech de ganzen Ensemble ze restauréieren. Zesumme mam Propriétaire vun der Mauer an der Gemeng Fëschbech setzt de Natur- & Geopark Mëllerdall sech awer dofir an datt dës Dréchemauer erhale bleift.



An deenen zwee Workshoppen hu 15 Leit matgeschafft, dorënner Awunner aus der Gemeng, Aarbechter vum CIGR an de Service Technique vun der Fëschber Gemeng. Sie all hunn een Abléck an dëst traditionellt Handwerk kritt a geléiert wéi eng Dréchemauer opgebaut a gefléckt gëtt. Virun Allem hunn d'Leit awer déi sëlleg Virdeeler vun enger Dréchemauer erkannt.



Bis Enn 2021 kënt Dir nach profitéieren an lech beim Natur- & Geopark Mëllerdall melle wann dir Froen iwwert Dréchemauereren hutt.

D'Gemeng Fëschbech an d'Ëmweltkommissioun seet allen Interesséierten déi un dësem INTERREG-Projet Deel geholl hunn villmols Merci fir d'Matmaachen an der Famill Weis e grouse Merci dass dës Cours un esou enger seelener Dréchemauer konnt ofgehele ginn. Um Enn dem Jo Goergen vum Natur- a Geopark Mëllerdall grad wéi dem Schwäizer Dréchemauerbauer Martin Lutz een décke Merci fir hir Initiativ, hiert Fachwëssen an hire Bäitrag zur Protektioun vun eisem Patrimoine.



Tour de Luxembourg

18.09.2020 SCHOUS & FËSCHBECH





Remise du „Bauhärepräis“ 2020

21.09.2020 LËTZEBUERG

Den 21. September war de Schäfferot vun der Gemeng Fëschbech an d'Philharmonie invitéiert op d'Remise des trophées du Bauhärepräis 2020 vum OAI (Ordre des architectes et des ingénieurs-conseils du Grand-Duché de Luxembourg), natierlech ënnert deenen dee Moment gültege sanitäre Restriktiounen.

Nominéiert war eis Maison Relais „bei de Kueben“ zu Angelsberg, an der Kategorie 6: Bâtiment à vocation éducative / culturelle / sportive. De Jury huet eiser Maison Relais, an domat dem maître d'ouvrage, der Gemeng Fëschbech, eng „Mention“ an dëser Kategorie zougeschwat. Eise Schäfferot huet dëse Präis, dee vum Semiray Ahmedova, Députéiert a Co-Presidentin vum Jury, iwverreecht gouf, natierlech houfreg entgéint geholl.

Fränk DAEMS



Plan pour le Haut Parcoursage de Son Altesse Royale Le Grand Duc



BAUHÄREPRÄIS OAI 2020

MENTION

Le jury a décerné une mention à

une œuvre conçue par

COMMUNE DE FISCHBACH

projet :

MAISON RELAIS, ANGELSBERG

architectes :

COEBA OAVE LEFÈVRE ET ASSOCIÉS

ingénieurs-conseils :

BETIC INGÉNIEURS-CONSEILS


SCHRÖDER & ASSOCIÉS INGÉNIEURS-CONSEILS S.A.



S.A.
11, rue de la Gare - 1150 Luxembourg - Tél. 26 26 26
www.banquepostale.lu


PIERRE DURET
DIRECTEUR GÉNÉRAL
DÉPARTEMENT JURIDIQUE


SIMONA R. MEDVEDOVA
VICE-PRÉSIDENTE
DU PRÉSIDENT DU JURY


JORDY BRANDT
PRÉSIDENT DU PRÉSIDENT DU JURY
SYNDICAT NATIONAL DES ARCHITECTES, U.L.A.
C/O 1150 Luxembourg

CONCOURS DE LA BIEN-ÊTRE 2020

Commentaire du Jury: Pour les enfants mais sans exagération des couleurs, traitement convaincant des questions de durabilité.

Adventsfenster

Kultur- a Veräinskommissioun

Eis Adventsfenster-Aktioun 2020 ass nees richtig flott ginn. Hei e puer vun de Fënsteren déi der dëst Joer konnt bewonneren. All Fënstere fann der um Internetsite vun der Gemeng oder elo nach an eisen Dierfer. Et ass schéin duerch eis Dierfer ze trëppelen an ze gesinn, dass net nëmmen eis Adventsfënsteren dekoréiert sinn! Verpasst och net d'Videoe vun der Aktioun "Helleg Owend am Stall", e QR-Code fann der bei der Fënster 24! Natierlech wäerte mer och nees eng Aktioun 2021 maachen an dann och erëm hoffentlech mat „Aktive“ Fënsteren!









Wëllkaz, Wëll Kaz

(d. Wildkatze, fr. Chat sauvage, l. Felis silvestris)

D'Wëll Kaz kënt méttlerweilen nees a ganz Lëtzebuerg vir, zanter se 1986 ënner Naturschutz gestallt gouf. Och an eiser Gemeng gesäit een se réigelméisseg, deelweis suguer och am Dag, do wou se net gestéiert gëtt, well u sech, ass si e ganz scheit Déier.

Wéi och eis Hauskaz, gesäit an héiert si ganz gutt. Sie hält sech gäre laanscht dem Reez vum Bësch op, an en Ënnerkommes sicht si gären ënnert Fielsen, an Hielen, ënner Wuerzeltelleren, an engem huele Bam asw.

Do bréngt si och hir meeschtens 2-4 Jonger tëschent Abrëll a Mee op d'Welt.

Si frësst virun allem Mais déi si bejot. Awer och Viggel, Eidechsen, Fräschen an Insekten stinn op hirer Lëscht fir

ze friessen. Eng Wëll Kaz ass méi schwéier wéi eis Hauskaz, a ka 7-8 kg schwéier ginn. Mam Schwanz, dee bis zu 35 cm laang gëtt, an um Enn net zougespëtzt ass, ka si bis zu 1 Meter laang ginn. De Schwanz huet hannen och däitlech erkennbar dräi oder véier schwaarz Réng. Et kann een dovunner ausgoen, datt si a fräier Wëldebunn bis zu 10 Joer al gëtt.


Hir Feinde si virun allem de Mënsch, well vill Wëll Kazen am Stroosseverkéier iwwerrannt ginn. Awer och den Uhu, de Wollef oder den Habicht kënnen der wëller Kaz geféierlech ginn.

Leider kraize sech d'Wëll Kazen och mat den Hauskazen. Duerfir ass et wichteg dat d'Hauskazen net a freier Wëldebunn rondrémmen lafen, insouweit se nach fortpflanzungsfäheg sin.

Text & Fotoen: Olivier MOLITOR








Aktivitéiten an der Schoul

Duerch déi aktuell Situatioun hu mir eist Schaffen an der Schoul och missen upassen. Trotzdem hu mir eis een Hierschtfest net entgoe gelooss, och wa mir d'Kanner net wéi gewinnt a cycleiwwergräifende Gruppe mësche konnten. Hei kënnt dir gesinn, wat mir sou opweises hunn.

Précoce

Mir bastele
mat Hierschtmaterial



Classe mixte



Mir schmaache
Quetschen, Nèss an déi
verschidden Äpzelorten.

Oh wat ass geschitt?
Et ass alles duercherneen!
Mir kucken alles no a
leeën rëm alles der
richteger Unzuel dohinner.



Mir hu leckere
Kompott gemaach.





Mir hunn Äppeljus
gemaach.



Cycle 1 (Sarah B.)

Ei, wat ass dat schéin
dobaussen am Hierscht!






Kreativ
am Hierscht



Zielen
am Hierscht



Cycle 1 (Diane D.)



Spill a
Spaass
am Bësch!




Cycle 2

Wir haben alle 4 Stationen gemacht.
Wir haben Muffins gebacken und
Kürbissuppe gekocht.

Die Lehrerin hat uns die Geschichte vom
Gespenst vorgelesen und wir haben eine
Burg mit vielen Gespenstern gebastelt.

Dann haben wir eine Geschichte über
ein Eichhörnchen oder die Maus mit dem
roten Hut geschrieben.


Wir haben auch Bewegungs-
spiele zum Herbst gemacht.



Cycle 3.2

De Cycle 3.2 huet geléiert, wat e Sinnesgedicht ass. D'unn huet all Kand säin eegent Sinnesgedicht zum Thema Hierscht geschriwwen.

Ausserdem hunn d'Kanner Hierschtblieder gemoolt, an e klengt Liddchen zum Thema geléiert: «Kommt der Herbst mit guter Pracht».



Nous avons pris une feuille d'automne et nous avons réfléchi et imaginé ce que cela pouvait bien donner. Voici quelques exemples:



Cycle 4.1

Nous avons cuisiné des tartellettes aux pommes: D'abord, nous avons lavé les pommes. Ensuite, nous les avons coupées en tranches.

Après, nous les avons posées sur un long morceau de pâte.

Enfin, nous avons enroulé tout pour l'enfourner à 190°.




Cycle 4.2



De Cycle 4.2 war virun allem
kulinaresch ënnerwee, mir hu Viz
gemaach a Quetschekraut gekacht.





PROJET MUNOZ

Am Oktober huet eis Klass vum C2.2 verschidde Muni-Monster gebastelt.

Mat der Hëllef vu ganz ville Leit, déi op Facebook fir eis gestëmmt hunn, konnte mir mat iwwer 550 Stëmmen deen éischte Präis, an zwar een original Bild vum Kënschtler Joé Muñoz, gewannen.



SCHOULJOER 2020-2021



Précoce mat dem Martine Vrehen an dem Chantal Hilbert



Cycle 1 mixte mat dem Nathalie Schlick an dem Anne Schumacher



Cycle 1 mat dem Diane Dansart



Cycle 1 mat dem Sarah Bamberg



Cycle 2.1: mat dem Samantha Gorza, Katia Carvalho a Simone Ackermann



Cycle 2.2: mat dem Catalina Baden an dem Julie Gorza





Cycle 3.1 mat dem Susanne Braun, Katia Carvalho a Manon Schmitt



Cycle 3.2 mat dem Stéphanie Vitali, Claire Weber, Jacquie Wagener a Mireille Garson





Cycle 4.1 mat dem Lucie Mensen an dem Fabienne De Martines



Cycle 4.2 mat dem Sarah Kolber an dem Fabienne De Martines



54

HO
HO
HO!

**De Klesschen
ass do...**





Maison Relais „bei de Kueben“ an Zäite vu COVID-19

Zanter der Rentrée am September 2020 funktionéiere mir net méi nom oppene Systeme wéi virun COVID-19, wou d’Kanner um 12:00 oder 16:00 Auer an d’Maison Relais komm sinn a sech rausgesicht hu, wat se wéilte maache, mat wíem a wéi laang.

D’Kanner si soss ëmmer fräi duerch d’Maison Relais zirkuléiert a konnten sech ee vun den 8 Funktionsraim raus-sichen: „Atelier-Kreativraum“, „kleng Welten“ (mat Lego a Figure seng eege Welt opbauen), „Riddo op“ (Rollespillraum), „Arena“ (Gesellschaftsspieler), „Dramwelten“ (fir ze relaxéieren), „eis Zäit“ (de Jugendraum), „Forscherraum/Holzatelier“ oder de „Bewegungsraum“.

Mir halen ons fir de Fonctionnement un d’Sécherheetsnorme vum Ministère a vun der Santé. Sou däerfe mir lo, laut der Recommandatioun vum Ministère „dans la mesure du possible“, Gruppe vu bis zu 30 Kanner maachen. Mir hunn doropshin decidéiert eis Gruppen a Funktioun vun de Cyclen zesummen ze stellen, well dëst de Kanner hire Frëndeskrees am beschte respektéiert an et zueleméisseg och gepasst huet zu deene verschidde-ne Momenter an der Woch. All Grupp krut konsequenterweis fest Mataarbechter zougedeelt, esouwäit dat am Laf vun der Zäit wéinst Congé’en, Formatiounen, Krankeschäiner oder Quarantaine konnt respektéiert ginn. Mir hunn eist Team och duerch zwee zousätzlech Mataarbechter verstärkt, sou datt och moies ab 07:00 an owes bis 19:00 Auer zwee Leit schaffe fir d’Gruppen esou wäit et méiglech ze trennen.

Precoce a Cycle 1: D’Kanner aus dem Cycle 1 a vum Precoce funktionéiere getrennt vun den anere Cyclen: si bleiwen och an der „Maison-Relais-Zäit“ an hire Klassesäll um Rez-de-Chaussée an iessen a spillen do. Si profitéieren immens vill vum flotten Außenberäich a si vill dobaussen un der frëscher Loft. Kanner aus dem Cycle 1 ginn um 12:00 Auer, wann d’Wieder et erlaabt, raus nach bessi an d’frësch Loft a kommen dann no 20 Minutte ran iessen.

Cycle 2, 3 an 4: Aktuell hu mir fix Auerzäite fir d’lessen! De Cycle 2 ässt direkt um 12:00 Auer a wa si um 13:00 Auer fäerdeg si, kommen d’Kanner aus dem Cycle 3 iessen. De Cycle 4 ässt uewen um 1. Stack am Hausaufgabesall.

Wéinst den aktuelle Bestëmmunge gi mir d’Kanner net méi all zesummen an den Hall vun der Schoul siche, mee déi verantwortlech Erzéier/Erzéierinnen huele si bei hire Klassen virun der Dir am Haff of. Dann huet all Grupp (Cycle 2, 3 an 4) jee no Dag a Gruppegréisst de Choix tëscht 3 Raimlechkeeten/Aktivitéiten no engem fest-geluechte Plang, sou dat och all Grupp z.B. an den Turn-sall kënnt oder vum Kreativraum profitéiere kann.

Mir verbréinge vill Zäit dobaussen an der frëscher Loft oder huelen eis déi frësch Loft an d’Haus andeems mir vill lëften.

Zanter dem 26. November 2020 mussen d’Kanner ab 6 Joer och de Mask undoe soubal si sech am Haus beweegen oder eng Distanz vun 2 m net kënnen anhaalen. Wann d’Kommunikatioun och soss schonn net ëmmer eendeiteg war, vereinfacht de Mask am Gesiicht des Situatioun och sécher net. Oft mierken d’Kanner net dat ee mat hinne schwätzt, well ze keng Gesiichtsmimik gesinn, oder si verstü sech selwer net richtig.






Ee Volet an deem Ganzen dee mir och gaanz staark bedauern ass, datt mir keen esou en intensiven a conviviale Kontakt méi zu den Elteren hu, wéi virdrun. All eis Fester, eis Elterenowenter, eis Porte Ouverte oder den Ofschloss vun de Summeraktivitéiten sinn ausgefall – eise Kontakt reduzéiert sech am Moment op kuerz Tür, und Angelgesprécher oder leeft iwwert Telefon an Email.

Frou si mir awer, datt mir de Kanner nom ganzen Deconfinementsstress eng onbeschwéiert an dach flott Zäit, mat einfache Mëttele, während de Summeraktivitéiten ubidde konnten.

Nach een Novum säit der Rentrée 2020: Fir d'Qualitéit vum lessen ze verbessere, wierme mir d'lesse, wat mir vun der Fielser Jugendherberg ugelivwert kréie, an extra dofir nei installéierte Kombi-Dampfgarer op. Laut Aussoe vun de Kanner, sinn si méi zefridde mam lesse wéi virdrun.

Bei all deene villen Ëmstellungen, Aschränkungen an Upassunge vun eisem gewonnen Oflaf, wëlle mir awer ausdrécklech der Schoul an der Gemeng Merci soen, datt mir zesumme gehalen an am Sënn vun de Kanner geschafft hunn.

Mir probéieren alleguer zanter ville Méint dat Bëscht aus der Situatioun ze maachen an eis géigesäiteg ze ënerstëtzen - während dem Confinement hun mir iech mat eisem Reebou ee klenge Liichtbléck wollte verschafen an elo an der Adventszäit schenke mir iech e bëssi Liicht an Hoffnung duerch eis flott Adventsfenster. Mir wënschen Iech alles Guddes a Léiwes am Neie Joer a virun allem datt dir all gesond a monter bleift – zesumme packe mir dat!



Wat huet sech an der Maison relais a Corona-Zäiten verännert? D'Kanner soen hir Meenung

Iris



Ech fannen et gut dat mir eis Masken an der Maison Relais andauernd un hunn fir een deen aneren ze schützen. Ech fannen et net esou gutt dat mir net mat Kanner aus anere Cyclen zesumme kënne spillen. Mir sinn jo awer och mat hinnen an der Paus oder am Bus zesummen.



Ech fannen et guer net flott dat mir nëmmen zu 4 dierfen Sport zesummen maachen an dat mir och dobaussen mussen an Bewegung eis Mask un-doen.



André



Nolan

Et ass net esou cool, well mir nëmmen méi zu 4 un engem Dësch sëtze fir ze iessen an eis Mask mussen unhalen bis mir Jessen siche ginn. Mir kënnen net méi mat all eisen Kollegeen zesummen un engem Dësch sëtzen, esou kënnt et fir dat mol een eleng muss sëtzen. Fir dat Erzéier net mat eis an enger Situation inwert länger Zäit an ouni Mask sinn, sëtze si sech net bei eis mat un den Dësch.



Ech fanne, wéi den Nolan sot, blöd dat mir eis Mask mussen undoen, och wann mir 2 m Distanz kënnen respektéieren. Ech sinn fro dat mir rëm een Glas kënnen huelen fir ze drénken an net méi eisen Bidon mussen aus der Schoul mat schleefen. Ech fannen et witzeg dat mir eng Strooss (Markéierung) um Buedem hunn fir den Gank an zwee ze deelen fir dat mir eis net ze vill kräizen.




Chiara



Julia

Ech hunn ëmmer vergiess mä Bidon mat virun ze huelen, dat huet generwt...



Éischt Kommunioun

Katholuesch Kierch

04.10.2020 FËSCHBECH





Quetschekraut bei de Wiichtelcher

17.-20.09.2020 SCHOUS

Säit langem hunn d'Wiichtelcher mol erem eng Kéier Quetschekraut wéi fréier gekacht. Donnesdesowes a Freidesmëttes goufen d'Quetschen geraaf. Merci heifir de Famillen Buck an Damgé an der Angsber Schoul, datt mir bei lech d'Quetschen kruten. Samsdesmëttes hunn dunn ronn 20 Leit 5 Stonne lang d'Quetschen opgemaach a Sonnesmoies um 6 Auer gouf d'Feier ugefang an d'Kesselen goufen gefüllt.

Bis 5 Auer mëttes hu mir fläisseg an de Kesselen gerieert an dunn dat färedegt Kraut a Glierser gefüllt. Iwer 520 Glierser vun 450 ml waren et ginn, déi innerhalb vun enger gudder Woch all verkaft woren.

Bleift nach ze soen datt mir während dem Schaffen eis Distanzen agehaal hunn an do wou dat net méiglech wor jidereen seng Mask unhaat.

*Merci all eisen Client'en
an all deenen déi gehollef hunn.*

Mike DAEMS

Fotoen: Fränk DAEMS, Mike DAEMS, Liz BROSIUS





Manifestatiouns- kalenner

Op dëser Platz sollt elo de Manifestatiounskalenner stoen!
Wëll mer am Moment awer nach net wësse wéi et am Neie
Joer virugeet, hu mer decidéiert keen ze publizéieren an dee
nächste Kalenner an d'Gemeengeblat vum Abrëll ze setzen.



Wann wärend deenen éischte 4 Méint am Joer 2021 nees
gréisser Manifestatiounen dierfte sinn, gi mir dës Informatiounen
natierlech iwwert eisen Internetsite oder eis Facebooksät weider.



Mir gratuléieren



D' Maisy Sauber-Beideler feiert 80 Joer



Den 20. Oktober 1940 huet d'Marianne Sauber – Beideler als Jéngst vu 4 Geschwëster zu Rälend d'Liicht vun der Welt erbléckt. Haut, am Joer 2020, feiert d'Maisy 80 Joer an dat bei beschter Gesondheet. Dovunner wollt ech mech iwwerzeegen an hunn der Mme Maisy Sauber am Numm vum Schäffen- a Gemengerot op hirem Gebuertsdag e klengt Arrangement op de Schiltzbiereg bruecht.

Wéinst COVID-19 goufen d'Gléckwënsch net wéi gewinnt vum ganze Schäfferot iwwerbruecht an ustousse mam Gebuertsdagskand gouf och op e spéideren Datum verluecht. Eis kleng Entrevue huet aus deene selwechte Grënn dobaussen a mat der néideger Distanz misste stattfannen.

D'Maisy Sauber – Beideler gouf de 4. September '64 mam Vic Sauber vum Schiltzbiereg bestuet wou sie zesummen hire Bauerebetrib geleet hunn, deen och haut nach vun der Famill Sauber bedriwwwe gött.

Aus hirem Bestietnes goungen zwee Jongen ervir, de Carlo an de Romain, déi duerfir gesuert hunn dass d'Maisy Sauber haut houfreg Groussmamm vu 4 Enkelkanner ass.

Hire Mann, de Vic, huet si leider den 11. Juli 2017 scho fir ëmmer verlooss.

An eise Gemenge-Veräiner war d'Maisy jorelaang aktiv am Senioreveräin a bei de Fraen a Mammen, bei béiden ass Si och haut nach Member. Hei huet si op e sëllege Fester ëmmer eng Hand mat ugepaakt.

Mat Rätsele léisen hält d'Maisy Sauber sech och mat 80 nach gäre fit. Ech wënschen hir an hirer Famill dass dat och nach laang esou bleift an alles Gutt's!

Fränk DAEMS

D'GEMENG FËSCHBECH
AN D'REDAKTION VUM BLAT
WËNSCHEN ALL AWUNNER

Schëi Feierdeeg





**ADMINISTRATION
COMMUNALE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

Heures d'ouverture
Du lundi au vendredi de 08h30 à 11h30
Jeudi de 14h00 à 18h00
Tél: 32 70 84-1 / Fax: 32 70 84-50
E-Mail: commune@acfischbach.lu
www.acfischbach.lu

COLLÈGE ÉCHEVINAL

Secrétariat 32 70 84 - 42
Bourgmestre: DAEMS Fränk
frank.daems@acfischbach.lu
1. Échevin: GROTZ Patrick
patrick.grotz@acfischbach.lu
2. Échevin: BROSIUS Lucien
luss.brosius@acfischbach.lu

SECRÉTARIAT COMMUNAL

secretariat@acfischbach.lu
THILL Viviane 32 70 84 - 42
viviane.thill@acfischbach.lu
HOTTUA Daniel 32 70 84 - 20
daniel.hottua@acfischbach.lu

BUREAU DE LA POPULATION

population@acfischbach.lu
SCHOLTES Michèle 32 70 84 - 25
michele.scholtes@acfischbach.lu
HOFFMANN Serge 32 70 84 - 21
serge.hoffmann@acfischbach.lu

RECETTE COMMUNALE

recette@acfischbach.lu
SCHOLTES Michèle 32 70 84 - 25
michele.scholtes@acfischbach.lu

SERVICE TECHNIQUE

technique@acfischbach.lu

SERVICE FORESTIER

MOLITOR Olivier 87 96 49
olivier.molitor@anf.etat.lu

Etat Civil

NAISSANCES



BONN MACEDO Gabriel
CLAES Lis
ERPELDING HARMELIN Lian
HUTH Mila
MANNES Charlie
RODERES WOLTER Emily
SCHILTZ Cleo
WEILAND Nik
ZHANG Lyo

MARIAGES




BARTHEL Christian et
PETROVIC Marija
HAUMANN Ron et
MINY Nadia
LAGE GONCALVES Tiago et
KOCH Jil
PAWLIKOWSKI Steve et
SCHAMMEL Claire
VAN KRUIJSDIJK Niek et
EWERT Anne
WIESENBACH Tom et
BERCHEM Nadine

DÉCÈS



BIDINGER Elisabeth
veuve de LORANG Fernand
DAMGE René,
veuf de KOHL Alice
LINDEN Marco
SIMON Roger,
époux de PETRY Jeanne
SIMON Theodor,
veuf de NEU Jacqueline



COMMUNE DE FISCHBACH
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

www.acfischbach.lu

